Question élargie n° 84

REÇU
Par Alff Christian , 16:45, 25/02/2021

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 25. Februar 2021

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 85 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës erweidert parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mëttelstand an Tourismus weiderzeleeden.

Ronn 200 Deeg war den Horeca-Secteur an de leschten 12 Méint vun enger "Fermeture obligatoire" betraff. Wärend dëser Zäit konnten d'Restauranten, d'Caféen an d'Hotellen op eng Rei Hëllefe vum Staat zréckgräifen. Dës Hëllefen hunn dozou bäigedroen, dass eng Well u Faillitten an deem Secteur bis elo konnt evitéiert ginn. Ville Betriber geet et awer an Tëschenzäit un d'Substanz, zemools wann si mam Zréckbezuele vu remboursabelen Aiden confrontéiert ginn. Déi esou wichteg Moyene fir an d'Zukunft ze investéiere sinn net méi do. Grad am Horeca-Secteur sinn Investissementer indispensabel fir weider attraktiv fir Fräizäit- a Businesstouristen ze bleiwen.

Am Kader vun dëser erweiderter parlamentarescher Fro wéilt ech den zoustännege Minister dës Froe stellen:

- Huet d'Coronakris déi laangfristeg Strategie vum Mëttelstandsministère fir den Tourismussecteur beaflosst?
- Wat ass den aktuelle Bilan vum "Plan quinquennal d'équipement de l'infrastructure touristique", dee bekanntlech am Joer 2022 ausleeft? Wéi vill a wéi eng Projete konnte bis haut ëmgesat ginn?
- Wéi eng Prioritéite setzt de Minister a senger Innovatiouns- an Investissementspolitik, fir den Tourismussecteur iwwert déi nächst Jore weider attraktiv ze halen an ze stäerken?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 26 février 2021

Objet : Question élargie n° 84 du 25.02.2021 de Madame la Députée Francine Closener - Avenir du secteur touristique

Monsieur le Ministre,

Conformément à l'article 85 du Règlement de la Chambre, j'ai l'honneur de vous communiquer ci-joint une question élargie adressée à Monsieur le Ministre du Tourisme et à Monsieur le Ministre des Classes moyennes.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés